Herrgott,an de battere Kriggsjohren wârs Du eis Krâft,eis Hoffn ng,eisen Trouscht.Eise Glâwen un Dech an eist Vertrauen op eis Mamm vu Letzeburg hun eis munnech schwéier Stonn erdroe gelôss,Du hues eis a grousse GeFôren beigestân an eis méi ewéi émôl d'Liéwen eröm nei geschenkt.

MIR BIEDEN DECH
===============

- Schenk all eise Komeroden,déi önnert onmënschleche Konditiounen hirt jonkt Liéwen hu misse lôssen a weit vun hirer Léiwer Hémecht begruewe sin,éiweg Rou an éiwige Fridden

  Herrgott,erhéier eis. All: Herrgott,erhéier eis.

- Schenk déselvegten éiwige Fridden all déne Komerôden,déi krank an als Kröppel aus dêm bluddege Krigg eremkomm sin an heihém allzefréi gestuerwe sin

  Herrgott asw.

- Gëff all eise Komerôden a Komerodinnen,déi krank sin an zönter lânge Johre vill musse leiden, Krâft a Gedold, an d'Gewösshét dat,dûrch hire Patriotismus an hire Courage,eis Hémecht erem frei gin ass an dat hir Leiden och haut nach net ëmsoss sin

  Herrgott, asw.

- Loss eis all erkennen wéi wichteg et ass dat och haut nach déi Enegkét,Frëndschaft a Komerôdschaft erhâle bleiwen déi eis am Krigg esou fest zesumme geschwést hun

- Gëf eis déi kloer Erkenntnis,dat d'Erneierung vun eisem Glâwen un Dech an d'Stärkung vun eiser Léift zu Dir an all eise Matmënschen,déi énzeg wirksam Waffe sin fir d'Welt aus engem geféierleche Chaos erauszeféieren

Herrgott, asw.

-Loss all Staatsmänner sech voll a ganz asetzen dat Fridde gët iwerall,wou Menschen ennerdreckt,gefoltert,agespârt an doudgemâch gin,a lôss d'Freihétssonn an der ganzer Welt oplichten

Herrgott,asw.

Gebiét (vum Här Paschtouer)
===========================

Herrgott,Du bass d'Operstéung an d'Liéwen! Sén a behidd all déi,déi haut hei versammelt sin,sén a behidd eis Familgen an all déi,déi eis am Krigg gehollef hun. Huel eis émOl all op an Deng Herrlechkét,wou mir Dech zesumme könne luewen,dûrch Christus,eisen Här,AMEN.

=======================